ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29. November 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op déi parlamentaresch Fro Nummer 5166 vum 29. Oktober 2021, schreift den Här Minister iwwert eis Participatioun um ITER-Reakter ënner anerem dat hei: "*Den Iter-Reakter "Réacteur thermonucléaire expérimental international" gesäit d'Regierung weider kritesch an huet dat och op EU-Niveau esou ausgedréck*t".

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Energieminister nach gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister elaboréieren, op wéi enger Basis d'Regierung zu der negativer Aschätzung vun deem uewen zitéierte Projet komm ass? Firwat bedeelegt sech d'Regierung un engem Projet, den si "kritesch" gesäit?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi eng international Verflichtunge Lëtzebuerg am Kader vum Projet ITER op sech geholl huet? Gesäit d'Regierung vir, dës Verflichtungen och an Zukunft ze honoréieren a gegeebenenfalls ze verlängeren?
3) Mat wéi engem Montant huet Lëtzebuerg sech wärend der aktueller Legislaturperiod un dësem Projet bedeelegt? Wéivill Suen huet Lëtzebuerg seit 2013 fir de Projet ITER ausginn? Kann den Här Minister déi entspriechend Zuelen no Budgetsjoer opschlësselen an och preziséieren, ënnert wéi engem Artikel dës Sue gefloss sinn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Fernand Kartheiser
Deputéierten